Journées du livre et du droit d'auteur

19.-23. Abrëll 2027

Mam Waasser liewen

Eng Propositioun vum
Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend

Ëm wat geet et?

D'Waasser ass fir eis esou selbstverständlech, datt mer eis eigentlech net vill Gedanken drëm maachen: mir dréinen de Krunn op a schonn ass et do.

Ouni Waasser géife mir awer séier mierken, wéi wäertvoll dës Ressource ass. Dat „blot Gold" ass eng vun de Grondlage vum Liewen op eiser Äerd.

Ouni Waasser kee Liewen: d'Waasser ass ee vun de véier Elementer an eist wichtegst Liewensmëttel. Et ass also kee Wonner, datt Zougang zum Waasser e Grondrecht ass. Trotzdeem huet net jiddwereen op der Welt proppert Drénkwaasser. Accès zum Waasser ass eng besonnesch Form vu Räichtum an huet, do wou et knapp ass, e grousst Konfliktpotential.

A well dës Ressource esou wäertvoll ass, misste mir all dozou bäidroen, se propper ze halen. Vill Flëss sinn awer verschmotzt an d'Mierer si voller Plastik. Iwwert de Waasserkreeslaf kënnt dës Verschmotzung um Enn och beim Mënsch un. Et ass also un eis, responsabel mam Waasser ëmzegoen. Dat bedeit och et spuersam ze notzen, net nëmme wann et laang net gereent huet. All Kand weess, datt scho kleng Gesten hëllefen, de Waasserverbrauch ze limitéieren.

De Mënsch lieft zënter jeehier gären no beim Waasser an notzt et fir sech z'ernären, als Transportwee an als Energiequell. Och haut sinn eis Stied, eis Industrie an eis Ekonomie staark dovun ofhängeg.

D'Waasser kann eis vu kleng op vill Freed bréngen: schwammen an der Piscine, um Séi oder am Mier, Waassersport maachen oder einfach bei enger Baach spillen. Vill Leit fannen um Waasser Rou an Entspanung. D'Dausche vun engem Floss oder de Bléck op e rouege Séi kënnen eis inspiréieren a gutt fir eist Wuelbefanne sinn.

Leider geet vum Waasser awer och eng Gefor aus: als direkt Konsequenz vum Klimawandel ginn et ëmmer méi Naturkatastrophen, déi mat Waasser ze dinn hunn. Ze vill Waasser huet enorm Kraaft a bréngt duerch Iwwerschwemmungen a kuerzer Zäit vill Zerstéierung a Leed. Ze wéineg Waasser ass grad esou problematesch: ganz Landschaften dréchnen aus a Planzen, Déieren a Mënsche geroden an Nout.

An der Kannerliteratur fënnt ee ganz vill Bicher, déi dës verschidden Aspekter beliichten. Fir d'*Journées du livre et du droit d'auteur* geet et virun allem drëm, de Kanner op d'Wichtegkeet vum "bloe Gold" ze sensibiliséieren.

Wat ka gemaach ginn?

Op der Säit vum SCRIPT http://www.script.lu an op https://www.extraklass.lu fannt Dir eng Bicherlëscht mat aktuelle Kannerbicher, déi d'Theema Waasser aus verschiddene Perspektive behandelt. Et ass e klenge Choix; an de Schoulbibliothéike sti bestëmmt vill aner Bicher zu dësen a weidere Facettë vum Theema.

Zum Motto vun 2027 bidde sech villerlee Bicher un:

- Kanner- a Sachbicher, déi d'Element Waasser op verschidde Manéieren beliichten
- Sachbicher, déi de Waasserkreeslaf erklären
- Kanner- a Sachbicher, déi den Impakt vum Mënsch op d'Waasser duerstellen (Waasserverschmotzung)
- Bicher, déi d'Waasser als Grondrecht thematiséieren
- Kanner- a Sachbicher iwwer (den Impakt vun) Iwwerschwemmungen an Dréchenten
- Sachbicher, déi Experimenter mam Element Waasser erklären
- Kannerbicher iwwer Spaass beim Waasser
- Erzielend Bicher iwwer Erliefnisser an Abenteuer beim Waasser
- Geschichten iwwer fantastesch Waasserwelten
- Bicher, déi d'Liewen um oder beim Waasser weisen
- ...

Et kann een zu dësen Aspekter:

- Geschichten erfannen, opschreiwen an illustréieren, déi sech beim oder am Waasser ofspillen: spille beim Floss, an d'Schwemm goen, Waassersport maachen, mat Waasser experimentéieren, ...
- Seng eege Relatioun mam Waasser opschreiwen : wat bedeit Waasser fir mech? Hat ech eng speziell Aventure um Waasser? Hunn ech scho mol eppes Extraes ma Waasser erlieft?
- Bei e Floss/e Séi goen an do Geschichte virliesen, an deene Waasser eng Roll spillt
- Iwwer d'Waasser als Grondrecht an déi ongerecht Verdeelung zum Zougang zu propperem Waasser schwätzen respektiv Informatioune sichen
- Zesummen iwwerleeën an nosichen, wat een am Alldag alles maache kann, fir méi spuersam mam Waasser ëmzegoen
- ...

Duerfir kann een op vill Aart a Weisen zeréckgréifen, fir Geschichten ze liesen, z'erzielen oder ze schreiwen respektiv fir Bicher ze presentéieren :

- Geschichte liesen a virliesen, beschwätzen, veränneren, weiderspannen, aus enger anerer Perspektiv erzielen (Audiodatei, Textdokument oder Multimediadokument, Video, StopMotion, ...)
- Eng Geschicht als Liestheater ëmschreiwen an/oder opféieren
- Eng Geschicht (no)erzielen: als Schattentheater, mat Figuren/Objeten an engem Schongkarton (Book in a box: https://ww.edumedia.lu/lesson/book-in-a-box/), mam Babbelix (www.babbelix.lu)
- En Trailer zu engem Buch maachen (Booktrailer) (eventuell fir en C4) https://www.edumedia.lu/lesson/booktrailer-spannender-kann-lesen-nicht-sein/

Wéi kann ee matmaachen?

Als Klass, Zyklus oder ganz Schoul**.**

D'Responsabel aus der Schoulbibliothéik sinn d'Kontaktpersoune fir déi Aktioun.
Si sollen d'Schoul um Extraklass umellen (**Wgl. just 1 Umeldung pro Schoul)**:
https://www.extraklass.lu/de/offre/journees-du-livre-et-du-droits-dauteur.
Délai fir d'Aschreiwung: **10. Mäerz 2027**

Wat geschitt mat den Aktivitéiten, déi gelaf sinn?

A jiddwer Schoul sollen d'Aktivitéiten dokumentéiert an déi Dokumentatioun bis den 19. Mee 2027 un de SCRIPT geschéckt ginn. Et geet drëm, eng kleng schréftlech Beschreiwung vun den Aktivitéite mat e puer Fotoen an digitaler Form (Fotoen an 300 dpi-Printqualitéit) ze maachen. Passt och wgl. op, datt keng Kanner op de Fotoen ze erkenne sinn.

Schéckt dës Dokumentatioun wgl. per Mail un: anne-marie.antony@men.lu & anne.biesdorf@men.lu & carole.frieseisen@men.lu .

D'Ekipp vum SCRIPT wënscht Iech an Äre Schülerinnen a Schüler vill Freed bei den Aktivitéiten a seet elo scho Merci fir d'Matmaachen.